2007/02

Spécial Jule-Cup

PLAY OFF

Le journal officiel du HBC BASCHARAGE

www.hbcb.lu

Julecup 2006

Dëst Joer ass et fir d'6. Kéier wou den HBC Bascharage um Julecup an Dänemark deel hellt. Mat 3 Équipë si mär den 26. Dezember "Op Acker" opgebrach. D'Wieder ass eise Chaufferen entgéintkomm, kee Schnéi a keen Eis.

No enger Nuecht am Bus sin mär moies bei eisem Quartier ukomm. Et ass schonns fir drëtt, wou mär do iwwernuechten. Den Dag selwer ass genotzt gi fir eis anzeriichten, an e wéineg spazéieren ze goen.

Owens wollt de Fernand Schott, eise Cadetstrainer dann nach zwou aner Équipe kucke goen, déi bei him an der Grupp waren. Eng vun deenen Équipen hat sech ofgemellt, also kee Match dén Owend. Eis Cadets hate keng einfach Grupp geroden. Eng Hiobsbotschaft gouf et gläich beim Warmmachen. Den Olivier Olsem hat sech de Fanger gebrach. De Betreier Jos Bucari huet sech der Saach ugeholl an ass mam Olivier an Spidol gefuer. Säin Tournoi war dun gelaf. Mat 1 Victoire an 2 Gläichspiller si si als Gruppenzweeten an 1/8 Final gaangen. Hei krute si et mam moldawesche Veräin HC "PFK-Riviera" Chisinau ze dinn. An der éischter Halschent konnte si nach mathalen, mee no dem Wiessel war fir eis Équipe näischt dran. Mat nëmmen engem Auswiesselspiller ass et net einfach. War fir de Coach déi spilleresch Leeschtung géint des staark Géigner och nach an der Rei, so huet hien den éischten Dag virun allem d'Disziplin vu senge Spiller kritiséiert. Mat eppes mai Disziplin, wier fir hien d'Hallefsfinale duerchaus dra gewiescht, wat eng immens Leeschtung vun enger Käerjénger Équipe gewiescht wier. So bleift en eppes batteren Nogeschmaach. Sollt awer des Experienz fir seng Équipe eng Léier gewiescht sinn, war et trotzdem en exzellent Turnéier.

Eis Scolaires Bouwen haten eng alles wéi einfach Aufgab viru sech. Ouni Goalkeeper hun si missen untrieden. D'Géigner waren an der Moyenne 1 bis 2 Käpp méi grouss wéi si. De Pol Freres ass an de Goal gaangen, an huet seng Saach tip-top gemaach. Éischt Erfahrung hun si och mam Haarz gemaach. Vun hirer Kategorie un war Haarz erlaabt. D'Équipe ass dunn awer nach an de Plazéierungsmatcher zou 2 Victoirë komm. De Claude Freres als Coach an de Guy Weydert als Betreier bei der Équipe hate jidderzäit alles am Gréff. Wat besonnesch Freed gemaach huet, war déi gudd Ambiance déi an dësem Groupe ze fannen ass.

Eis Cadettes waren net ze beneiden. Den éischten Dag hate si em 08:00 (moies) den éischte Match an den 2. Dag em 08:45. De Coach Jean Klein war frou dass d'Santina (HB Gréivemacher) mat eis gaangen ass, soss wier et enk ginn. D'Niki Schilt hat sech eng Mogripp agefaangen, a war nom 2. Match out. D'Josée-Anne Siebenaler als Betreier hat all Hänn voll ze din vir no eise Kranken ze kucken.

vu sur www.hbcb.lu

Gläich am éischte Match hun mär den dem Organisateur seng Équipe vum Terrain gebotzt a ware gud lancéiert. No der 2. Victoire géint d'Belsch vun Haacht, koum den decke Brocken, mam HF Svendborg (si hunn den Tournoi gewonn). Mär hunn eis anstänneg aus der Affaire gezunn an trotzdem mat 11 Goaler verluer. No der 3. Victoire si mär an 1/8 Finalë koum an hunn do missen den Ustrengungen aus deene virichte Matcher Tribut zollen, nodeem mär an der Halschent just 2 Goaler hanne waren. Trotzdem hunn eis Meedercher en immens positiven Androck op dësem Turnéier hannerlooss.

De Spassfaktor war ganz grouss an ass net ze kuerz komm.

An de Lännermätscher, Spiller aus verschidden Équipe géint eng dänisch Auswahl, hunn de Ronnie Reis, Gilles Thierry, Patricia Tritarelli an Eliane Klein matgemaach. Des Mätscher ginn an enger grousser Hal virum 700 Leit ausgedroen, a sinn een eemolegt Erliefnes. Dem 30. Dezember Mëttes hun mär d'Heemrees ugetrueden, fir nach den absoluten Highlight drop ze sëtzen, am Bundesligaspetzematch HSV Hamburg - HSG Nordhorn an der Colorline Arena zu Hamburg. Virun 10.000 Leit war dëst eng super Saach.

Déi lescht si jo bekanntlech déi bescht, ech well op dëser Platz eise Chaufferen e grousse Merci soen. Den Änder Karier den elo schonns fir 5. mat eis fiert (bénévol) an de Régis hunn eis sécher a professionell iwwerall hibruecht wou mär gespillt hunn. An hat och een mol eppes vergiess, ware si direkt do fir dat erbäi ze schafen.

JK

Scolaires Bouwen

HBC Bascharage	HIK	12	-	13
HBC Bascharage	Kvik Humlebæk	11	-	24
HBC Bascharage	Roskilde Håndbold	9	-	20
Svendborg HK 2	HBC Bascharage	8	-	16
Virklund Håndbold	HBC Bascharage	15	-	11
SV Blankeneese	HBC Bascharage	9	-	19

Cadettes

Bording KFUM	HBC Bascharage	9	-	20
Atomix Haacht	HBC Bascharage	15	-	17
Svendborg HK	HBC Bascharage	24	-	13
Næstved/Herlufsh.	HBC Bascharage	16	-	19
HBC Bascharage	Team Aalborg	13	-	23

Cadets

HBC Bascharage	HIK/KFUM	3	-	0
Atomix Haacht	HBC Bascharage	17	-	17
HBC Bascharage	Team Aalborg	20	-	20
HBC Bascharage	Team Ikast	20	-	15
HBC Bascharage	Riviera	21	-	29

Piper Heidsiek - Telicse Foetz - Chapier Office Ehlange - Déménagements Streff Strassen - Rowenta - Hôtel Gulliver Bascharage
Arendt & Schackmann Colmar-Berg - Plâtrerie Herzog sàrl Welfrange - BCEE - Bureau Comptable Pascal Wagner Pétange
Andreosso & fils sàrl Crauthem - enNeff Informatique s.a. Bascharage